N°2699
Entrée le 30.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 31.07.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/07/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

Am Abrëll 2024 hunn ech eng parlamentaresch Fro (N°588) iwwer d'Pensiounscotisatiounen fir Fonctionnairë gestallt. Mir hunn drop higewisen, datt Fonctionnairen am Géigesaz zu anere Leit net d'Méiglechkeet hunn, fräiwëlleg Cotisatiounen op Basis vun nëmmen 1/3 vum Mindestloun ze leeschten.

De 7. Mee 2024 huet de Minister geäntwert an unerkannt, datt bei der Modifikatioun ee Feeler geschitt war. Hien huet confirméiert, datt de Ministère fir sozial Sécherheet iwwersinn hat, datt dat Groussherzogleche Reglement vum 25. Juni 2009 "an der selwechter Logik hätt misse modifizéiert gi" fir dës Dispositiounen och op Fonctionnairen ze applizéieren. De Minister huet versprach, dës Modifikatiounen "esou séier wéi méiglech virzehuelen".

Iwwert ee Joer no dem ministerielle Verspriechen, dës Ännerung "esou séier wéi méiglech" ze maachen, ass nach ëmmer näischt geschitt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Firwat ass iwwer ee Joer nom Verspriechen, dës Modifikatiounen "esou séier wéi méiglech" ze maachen, nach ëmmer näischt geschitt?
2. Wéini gëtt dat groussherzoglecht Reglement vum 25. Juni 2009 endlech modifizéiert fir dëse Feeler ze korrigéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten